Lästeg Summergäscht

Harespele stéiere mech beim Iessen op der Terrasse!

Bleift roueg / brüsk Beweegunge vermeiden.
Eng Harespel gräift d'Mënschen net un, ausser si fillt sech bedréit.

Ni d'Harespelen ublosen (CO_2 am Otem = Alarmzeechen fir d'Harespel).

Ganz wichteg ass et op säi Gedrénks opzepassen!
Iessensreschter sollten sou séier wéi méiglech ofgeraumt ginn.



Präventiv:
- Planzt Wëllblummen am Gaart (als natierlech Fudderreserve).
- Grell Kleedung lackelt d'Harespelen un (wäiss ass besser).
- Harespele ginn duerch Kraider verschäicht (z.B. Basilikum).

Hëllef, en Harespel-Nascht a mengem Liewensraum!

Keng Panik, mam richtege Verhalen
besteet souguer beim Nascht keng Gefor.
(keng hektesch Beweegungen a Vibratioune beim Nascht / d'Entrée net verspären)

D'Harespele si just eng Saison do.
Spéitstens am November ass d'Nascht eidel a si kommen och net zeréck.

Falls Dir Hëllef braucht, rufft en Harespel-Beroder un:
natur & ëmwelt (*Tel: 290404-1*), Emweltberodung Lëtzebuerg (*Tel: 247868-31*),
nationalt Netzwierk vu Benevolen (*www.naturemwelt.lu/nos-services/conseil-nature/*)

Präventiv (ab Mee!): *Entdeckt d'Nascht éier et grouss gëtt:*
- D'Rollluede reegelméisseg beweegen.
- Däischter Plaze kontrolléieren (Schapp, Spillhaus, ...).

D'Harespele si nëtzlech Insekten a picke keen, soulaang si net bedréit ginn.

Merci!

Dem Naturschutzgesetz no:

" Ass verbueden all Verstümmelung oder net gerechtfäerdegt Zerstéierung vu wëll Déierenaarten "

D'Rettungsdéngschter (112) sprange just an, wann eng Urgence besteet, mat enger akuter Gefor fir Persounen!

Mir, d'Harespelberoder, sinn do fir lech ze hëllefen!
Eis Lëscht fannt dir hei:
www.naturemwelt.lu/nos-services/conseil-nature/

Editeur
www.ebl.lu
info@ebl.lu
(+352) 24786831

An Zesummenaarbecht mat

Publizéiert vun: